LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 1654 vum 12. Dezember 2024 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement.**

1. *Ass et richteg, dass LUXITH plangt, fir d'Donnéeën op Serveren an d'Ausland ze transferéieren?*

2. *A wéi eng Länner respektiv op wéi eng Servere sollen dës Donnéeën transferéiert ginn?*

LUXITH ass de gemeinsamen Dengstleeschter vun der Federatioun vun de Lëtzebuerger Spideeler (FHL) fir gemeinsam Infrastruktur an Dengstleeschtungen souwéi d'Bedreiwe vu gemeinsamen informatesche Léisungen am Intérêt vun de Spideeler an hire Patienten a Personal ze assuréieren.

LUXITH an d'FHL bestätegen dass et net a Betruecht gezu gouf a wäert ginn, privat oder Gesondheetsdonnéeë vu Patienten an Assuréen op Serveren am Ausland ze transferéieren oder do ze stockéieren. All sensibel Informatioune vun de Spideeler an hire Patiente sinn a bleiwen deemno exklusiv a securiséierten Infrastrukturen zu Lëtzebuerg ënnerbruecht.

An deem Sënn wäerte keng Donnéeë mat sensibelem / confidentiellem Contenu op Serveren an d'Ausland transferéiert ginn. Eventuell Informatiounen oder Interpretatiounen dozou kënnen net bestätegt ginn.

3. *Aus wat fir engem Grond wëll LUXITH dës Donnéeën net méi zu Lëtzebuerg stockéieren, mee se op Serveren an d'Ausland transferéieren?*

LUXITH wäert weiderhin déi héichspezialiséiert Infrastrukturen zu Lëtzebuerg benotze fir d'Eegenstännegkeet an d'Sécherheet vun de Gesondheetsdonnéeën ze garantéieren, sou wéi dat am Mëttelpunkt vun der Missioun vun LUXITH steet.

LUXITH ënnersträicht sech z'engagéiere fir déi strikt Norme vun der Data Protection ze respektéieren an an enker Kollaboratioun mat de kompetenten Autoritéiten zesummen ze schaffen.

4. *Besteet duerch den Transfert op auslännesch Serveren net de Risiko, dass wichteg a privat Patientendate méi einfach an d'Hänn vun auslänneschen Agencen oder kriminellen Entitéite kéinte geroden?*

Wéi uewe beschriwwen, besteet kee Risiko am Zesummenhang mat engem potentiellen, net autoriséierten Zougrëff op privat Donnéeën am Kader vun den Operatioune vu LUXITH. All Donnéeë sinn an héich securiséierte Lëtzebuerger Infrastrukture stockéiert. Dës Installatiounen entspriechen den héchsten internationale Standarden wat IT Security an Data Proctection betrëfft.

Lëtzebuerg, den 13. Januar 2025

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez